N° 7655
Entrée le 22.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 7655 vum 23. Februar 2023 vun der honorabeler Députéierten Madame Nancy Arendt**

*Gedenkt d'Regierung sech der Erklärung vun den 34 Natiounen, dat vun der britescher Regierung veröffentlecht gouf, unzeschléissen?*

Lëtzebuerg huet sech der gemeinsamer Erklärung vum kollektive Grupp vun Natiounen ugeschloss, deen um Freideg, den 10. Februar 2023 zesumme komm ass. Dës Erklärung ass vu Sportministeren aus 35 verschiddene Länner ënnerschriwwe ginn.

Wann de Sport an d'Politik a Russland an a Belarus enk matenee verflecht sinn, ass ee besuergt doriwwer, fir russesch a belarussesch olympesch Athleten als „Neutraler“ bei Competitiounen Deel huelen ze loosse – dëst ass jo d'Bedingung vum IOC, datt dës Sportler sech net mat hirem Land identifizéieren däerfen. Dëst ass natierlech schwéier ëmsetzbar, well se finanziell vun hirem Staat ënnerstëtzt ginn. Dann ginn awer och déi enk Verbindungen tëschent russeschen Athleten an dem russesche Militär zerguttst Ulass sech Suergen ze maachen. Dem kollektive Grupp ass et also zu kengem Moment ëm eng Diskriminéierung eleng opgrond vun der Nationalitéit gaangen. Mee sou laang dës grondleeënd Froe souwéi och keng Kloerheet do ass zu engem ëmsetzbare “Neutralitéits”-Modell, besteet kee Versteesdemech fir russesch a belarussesch Athleten un Wettkämpf zouzeloossen. Déi 35 Länner fuerderen duerfir den IOC op, fir säi Virschlag ze iwwerdenken. Eng weider Feststellung ass, datt Russland an Belarus et selwer an der Hand hunn fir ee vollstännege Retour vun hiren Athleten an déi international Sportgemeinschaft, dëst andeems si deem vun hinnen ugefaangene Krich schnellstent een Enn setzen.

**Luxembourg le 22 mars 2023**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Engel